N°2767
Entrée le 13.10.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Culture

**Gemeinsam Äntwert Kulturminister, Eric Thill, vum Minister fir Wunnengsbau a Landesplanung, Claude Meisch, a vum Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro n°2767 vum 12. August 2025 vun der éierbarer Deputéiert Francine Closener a vum éierbaren Deputéierten Georges Engel**

1. **Wéi vill Gebaier sinn aktuell als Patrimoine culturel national geschützt?**

Aktuell sinn 1.699 Gebaier offiziell als patrimoine culturel national klasséiert. Dobäi kommen nach 923 Gebaier, déi am Inventaire supplémentaire agedroe sinn. Zesumme schwätze mir also vun 2.622 Gebaier, déi aktuell ënner Denkmalschutz stinn.

2. **Wéi vill vun dëse Gebaier si jeeweils an der Hand vum Staat, de Gemengen a Privatpersounen?**

Den Institut national pour le patrimoine architectural – INPA féiert kee Regëster iwwert d'Proprietéitsverhältnisser vun de geschützte Gebaier. Bekannt ass awer, datt de gréissten Deel vun dëse Gebaier a Privatbesëtz ass.

Op nationalem Niveau gëtt et aktuell nach kee sou e Regëster, mee e Projet de loi an där Hisiicht ass um Instanzewee.

De Fonds du Logement huet a sengem Parc locatif, verschidde Gebaier déi geschützt sinn. Dës si rehabilitéiert an ëmgewandelt gi fir Wunnengen ze schafen. Verschidde vun dëse Gebaier sinn am Quartier vum Grond an der Staat Lëtzebuerg, den "Haff Bredimus" zu Hunchereng oder och nach de "Nelson Haff" zu Colmer-Bierg.

Verschidden aner Gebaier sinn nach am gaange rehabilitéiert ze ginn, esou zum Beispill de Bauerenhaff Heinen zu Syr, d'Schlass vun Eesebuer oder nach verschidden aner emblematesch Gebaier vum Projet "Neischmelz" zu Diddeleng, wéi de Laminoir, d'Stolwierk an dat rout Haus – Constructioune vun héijer Komplexitéit déi fir verschidden Destinatioune gebrauch kenne ginn (tertiär, Wunnengen, asw.).

3. **Wéi vill vun de Gebaier, déi an der Hand vum Staat oder de Gemenge sinn, kënnen aktuell fir Wunnzwecker genotzt ginn? Wéi vill vun dëse Gebaier kënnen aktuell fir kulturell oder gesellschaftlech Zwecker genotzt ginn? Wéi vill vun dëse Gebaier stinn aktuell eidel a sinn och net fir bestëmmten Evenementer oder Visitten op?**

Mat Ausnam vun den emblematesche Gebaier vum Projet "Neischmelz" an dem Bauerenhaff Heinen zu Syr, fir deen déi final Destinatioun nach ze bestätege gëtt, sinn all Gebaier fir Wunnzwecker oder e mixte Gebrauch virgesinn. All déi verschidde geschützte Gebaier déi rehabilitéiert an ëmgewandelt goufe si besat.

4. **Wéi vill vun de Gebaier, déi aktuell net genotzt ginn, kéinte fir Wunnzwecker genotzt ginn no enger entspriechender Renovatioun? Wéi vill kéinten der fir kulturell oder gesellschaftlech Zwecker genotzt ginn no enger entspriechender Renovatioun? Wat ass mat deenen anere Gebaier?**

Mat Ausnam vun den emblematesche Gebaier vum Projet “Neischmelz” an dem Bauerenhaff Heinen zu Syr, fir deen déi final Destinatioun nach ze bestätege gëtt, sinn all Gebaier déi ënnert dem Patrimoine culturel national klasséiert sinn an déi dem Fonds du Logement gehéieren, an déi renovéiert an/oder rehabilitéiert gi sinn, fir Wunnzwecker oder mixte Gebrauch.

5. **Wéi eng Strategie verfollegt d’Regierung, fir gemeinsam mat de Gemengen e Leerstand respektiv eng Net-Verwendung vu geschütztem Patrimoine ze vermeiden?**

Fir e Leerstand oder eng Net-Verwendung vu geschütztem Patrimoine ze vermeiden, kënnen d’Proprietäre vun esou Gebaier sech vum Institut national pour le patrimoine architectural (INPA) berode loossen, an och vun de Subventioune vum INPA profitéieren. Esou gëtt eng substantiell Ënnerstëtzung gebueden, fir d’Revalorisatioun an d’Notzung vu klasséierten oder am Inventaire supplémentaire agedroe Gebaier z’erméiglechen.

6. **Wat ass der Regierung hire Projet fir dat scho genannte Paschtoueschhaus zu Boufer?**

Wat d’Paschtoueschhaus zu Boufer ugeet, ass d’Regierung amgaange mat de Proprietären auszetauschen, fir eng gemeinsam Léisung ze fannen.

Lëtzebuerg, den 13. Oktober 2025

De Kulturminister

(s.) Eric Thill